

virdrunn zitëiert hunn, ugekënnegt, datt verschidden zousätzlech Moossname virgesi wären. Moossnamen, déi sech awer mat deenen, vu mir ugedeiten, iwwerschneiden. Dës Moossnamen, wéi all Initiativ, déi d'Liewensqualitéit an d'Dignitéit vum kranke Mënsch garantéieren, sinn ze begréissen.

Fir datt d'Institution vum Centre d'accueil pour personnes en fin de vie eng reell Verbesserung vun dëse Liewenskonditiounen vu kranke Leit, déi um Enn vun hirem Liewe sinn, duerstelle soll, ass et awer wichteg, datt déi mat deene Soine verbundene Käschten net brauche vum Patient gedroen ze ginn. Et ass esou, datt bei deene Leit, déi bis elo an de Palliativstationen betreit gi sinn, d'Käschte vun der Krankekeess iwwerholl gi sinn. Ech hoffen, datt an Zukunft keen Ënnerschied wäert gemaach ginn, tëscht der palliativer Medezin doheem an där an de Spideeler, déi am Kader vun extra-hospitaläre Strukturen ugebuede gëtt. Et kann op jidde Fall net sinn, datt d'palliativ Soine am hospitaläre Beräich vun der Krankekeess iwwerholl ginn, datt awer d'Sécurité sociale finanziell net um Niveau vun den extra-hospitaläre Fleegen a Betreuungen intervenéiere géif. Falls dat soll de sinn, géife mir d'Prémissen fir eng zwouspuereg Medezin setzen. Dat wier ganz einfach inacceptabel, virun allem an der Usicht vum Solidaritéitsprinzip, op deen eis Gesellschaft jo opgebaut ass.

Ech wëllt nach ganz kuerz op eng Moossnam agoen, déi oft am Kader vum Soin palliatif zur Diskussioun kënnt, an zwar déi vum Congé sans solde. Den Här Mars Di Bartolomeo huet de 15. November 2001 eng Question parlementaire gestallt, déi sech op dëse Beräich bezitt. De Congé sans solde, deen iwweregens als Moossnam am Kader vun der Palliativmedezin net prinzipiell vun der Regierung ausgeschloss gëtt, wann ee sech op d'Antwort vun der Familljeminstesch vum 26. Oktober 2001 bezitt, ass en Instrument, dat awer ganz schwéier ze handhaben ass.

Ech begréissen de Prinzip vun dësem Congé sans solde, mä ech gesinn, datt grouss Problemer bei senger praktescher Ëmsetzung wäerten zustane kommen. Et fänkt domat un, datt een net weess, wéini een en fin de vie ass. Et si Leit, déi méintlaang um Stierfbett leien, wann een et kann esou formuléieren. Anerer verscheeden a ganz kuerzer Zäit. Wann een engem de Congé gëtt, an dee Congé ass verbraucht ier de Familljemember gestuerwen ass, wat geschitt dann? Huet dës Persoun Recht op en zweete Congé? Et kann een och déi ëmgekëiert Hypothese envisagéieren: Wat geschitt mat der Persoun, déi de Congé ëm e puer Méint ugefrot huet, an och kritt huet, an no puer Deeg oder Woche wëllt en erëm zrëck schaffe kommen, well de Familljemember virun där Zäit gestuerwen ass?

Dovunner ofgesi bréngt de Congé sans solde och fir all Betriber gréisser Problemer. Neit Personal muss agestellt gi fir deen, deen an de Congé geet, ze ersetzen. Wann dee finanziellen Aspekt kee Problem fir déi grouss

Betriber duerstellt, gesäit d'Saach dach awer anescht aus fir déi méi kleng a mëttelgrouss Betriber, déi net déi selwecht finanziell Capacitéiten hunn, wéi zum Beispill Banken an Assurancen.

Aus dëse Grënn, déi ech elo grad opgezielt hunn, ass allergréisste Virsicht ugesot, wann et ëm d'Aféierung vun esou engem Congé sans solde um Niveau vum Soin palliatif soll goen. Ausserdeem ass nach ze bemerken, datt de Congé sans solde eng Roll als effektiv zousätzlech Instrument vun der palliativer Medezin nëmme spille kann, wann déi Leit, déi de Congé ufroen, och professionell encadréiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun.

Ech wëll nach eng Kéier menger Hoffnung Ausdrock ginn, datt d'Politik de Wee – hoffentlech de richtege Wee – fënnt, fir e kompetente Kader ze schafen, deen et dem Patient erlaabt, entweder doheem, am Krees vu senger Famill, am Foyer pour personnes en fin de vie an der Klinik, am extra-hospitaläre Beräich an Dignitéit – an déi verbleiwend Zäit, déi hien nach ze erliewen huet –, an a Sérénitéit ka stierwen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet gefrot den Här Gesondheets- a Sozialminister Carlo Wagner, an dann uschlëssend den Här Henckes.

5. Dépôt d'un projet de loi

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Regierung sinn ech habilitéiert, fir den Dépôt ze maache vu folgendem Projet de loi:

- *Projet de loi 4887 1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension; 2. portant création d'un forfait d'éducation; 3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti.*

Merci.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Gesondheitsminister Carlo Wagner, de Projet de loi gëtt un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

D'Wuert huet och elo nach gefrot den Här Jacques-Yves Henckes, och – mengen ech – fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

6. Dépôt d'une proposition de loi

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wollt eng Proposition de loi déposéieren:

- *Proposition de loi 4888 portant modification de la loi du 18 mai 1979 portant réforme des délégations de personnel.*

Et geet drëm, fir datt d'Employés privés bei enger Gemeng oder bei engem Employeur public och d'Recht kréien, fir aktiv a passiv Delegéierten ze wielen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt och vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Jacques-Yves Henckes a se gëtt och un d'zoustänneg Kommissioun respektiv un de Conseil d'Etat weidergeleet.

An da fuere mer weider mat eisem Ordre du jour. Als nächst Riednerin ass agedroen d'Madame Simone Beissel. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Simone Beissel.

7. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (Suite)

Discussion générale (Suite)

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop och mäi Merci dem Rapporteur Claude Wiseler fir seng excellent Aarbecht.

D'Europäesch Kommissioun huet kierzlech hir Iwwerleeungen iwwert d'Recherche an den eenzelnen EULänner virgestallt. Leider gouf do Lëtzebuerg, niewent der Belsch a Griichenland, och am Beräich vun der Recherche als schlechte Schüler duergestallt.

Fir dëst feststellen, goufe Kritäre wéi öffentlech Interventiounen an der Recherche-Développement, d'Formatioun oder d'Kapital, festgehalen. Mir hunn also och do schlecht ofgeschnidden.

E puer vun de Lëtzebuerger Schwächte sinn zum Beispill fehlend innovativ PMEen oder den Desinteressi fir Lifelong-learning. Nëmme 24,5% vun eise PMEen investéieren an d'Recherche-Développement. D'europäesch Moyenne läit awer bei 44,4%.

Kucke mer elo de Budget, gesi mer awer, dass trotz dëse Kriticken, de Budget 2002 eng ganz Rei vu wichtege Moosnamen beinhalt, déi de Secteur Recherche-Développement solle fördern.

Mir hunn en Zouwuess vun 53%. De Secteur vun der Recherche-Développement ass mat 53% Augmentatioun regelrecht explodéiert, mä et sinn awer nëmme 27 Milliounen Euro, déi d'Regierung a Recherche-Développement-Projete stécht. Dat mécht fir de Moment nach ëmmer nëmme 0,20% vum PIB aus bei enger europäescher Moyenne, déi bei 0,66% läit. Eleng e Land wéi Holland ass mat 0,87% derbäi.

E Schwäizer Spréchwuert seet: „Statistik ist wie ein Bikini. Sie zeigt Interessantes und verhüllt Wichtiges.“ Also musse mer déi Statistiken och relativéieren, well mir gesinn, dass d'Europäesch Kommissioun Kritären huet wéi militäresch oder gréisser universitär Recherche. Leider si mir bei deene Kritären net derbäi, well mer dat net hunn. Bréssel zitt déi mat an, an dofir muss een déi Statistike relativéieren.

Mir hu keng akademesch Strukturen an doduerch ass d'Kooperatioun tëschent Industrie a lokalen Héichschoulen zimlech ageschränkt. Vill vun de Lëtzebuerger Entrepreneuren, déi a méi innovative Beräicher tätég sinn,

mussen dofir konstant op auslännesch Partner zréckgräifen.

D'Lëtzebuerger Regierung kennt dës Schwächen. Déi substanzuell Hausse vun de Kreditter nom Gesetz vum Mee 1999 iwwert d'Création vum Fonds national de la Recherche ënnersträicht de Wëlle fir der Recherche zu Lëtzebuerg à long terme nei Impulser ze ginn.

Niewent de finanzielle Mëttele sinn d'Innovatiounskraaft an d'Risikobereetschaft, haaptsächlech vun de klengen a Mëttelbetriber, vital, fir dass Lëtzebuerg endlech an de Peloton de tête erakënnt.

Kucke mer nach eng Kéier kuerz op d'Budgetsinitiativen, déi, zu menger Freed, sech fidel op DP-Iddien alignéieren.

D'Objektiver an der Recherche-Politik beinhalten ënner anerem eng substanzuell Hausse vun de Kreditter, fir se progressiv op 0,30% vun eisem PIB eropzesteieren. Zum Beispill ginn d'Kreditter 2002 vum Fonds national de la Recherche op 7,5 Milliounen Euro gehuewen, dat heescht eng Steigerung vu 50% par rapport zu 2001 an eng Steigerung vu 500% am Verglach zu 2000.

Am Joer 2000 huet de Stat mam Fonds national de la Recherche véier Konventiounen ënnerschriwwen iwwer pluriannuel Forschungsprogrammer.

Um europäesche Plang huet Lëtzebuerg divers Schrëtter an d'Weeër geleet, wéi zum Beispill de Kooperationsaccord mat der Agence spatiale européenne. Eist Land soll och deemnächst der Conférence européenne de biologie moléculaire an der Fondation européenne des Sciences bäitrieden.

Och am Beräich vun de Centres de recherche publics lafe wichteg Initiativen. Huele mer zum Beispill de CRP-Henri Tudor mam Technoport Schlossgoart an de Centre de Ressources de Technologies de l'Environnement. Do ass haut duerch eng Synergie tëschent der ProfilArbed an dem Centre d'accueil et d'innovation des entreprises de Laboratoire de technologies industrielles entstanen.

Den LTI fonctionnéiert autonom an onofhängeg. Hie bitt de Start-up an de PME déi noutwendeg Servicer, fir innovativ Aktivitéiten ze ënnerstëtzen.

Här President, Lëtzebuerg, dat säit laangem e Groussdeel vu senger Recetten aus der Finanzplaz zitt, sicht jo niewent Pensiounsfongen, niewent Medien- a Filmstanduert, niewent engem geplangte Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe nach aner nei Créneuen a soll dofir an intensiv an zukunftschrähteg Secteuren investéieren.

Mir hu räichlech neit Potenzial an dat soll agesat ginn, dat heescht, niewent der Zur-Verfügung-Stellung vu Gelder, der adaptierter Ausbildung, mussen och nei wirtschaftlech Raim genotzt ginn.

D'Revitaliséierung vun den Industriebroochen am Süde vun eisem Land ass dofir eng absolut Noutwendegkeet, ofgesinn emol vun der Verkéiers- an Ëmweltent-